

An der Summervakanz entfléie mir dem Alldag fir tëschent Dännenzapfen an Eechen zur Rou ze kommen.

Mir loossen d'Nouten duerch d'Maison Relais fléien an eise Kierper vum Rhythmus féieren an der musikalescher Woch.





Mir ginn op d'Spuere vun eise pelzege Frënn a kommen hinne ganz no.

Looss dech vun Experimenter verzauberen, lee selwer Hand un an der Maker-Woch a gräif zum Bräiläffel an der kulinarescher Woch.



An där kucke mir eis och mol un ewéi d'Mënschen op anere Platze vun eiser Welt liewen.

Mat Kornischongen op den Aen entspane mir eis a kucken no eisem Wuelbefannen.

Et ass bestëmmt fir jiddereen eppes dobäi. Loosst ärer Fantasie fräie Laf, leiert Neies kennen a hutt ganz vill Spaass bei all de flotten Aktivitéiten déi op iech waarden.

Mir freeën eis dorop mat iech zesumme schéi Momenter ze erliewen an är Summervakanz zu eppes ganz Besonneschem ze maachen.





Pendant les vacances d'été, nous allons échapper au quotidien pour nous relaxer entourés de grands chênes et de pommes de pin.

Pendant la semaine musicale, les notes de musique vont s'envoler à travers la maison relais et nous allons laisser notre corps se laisser guider par le rythme.





Nous allons suivre les traces de nos amis poilus et pourrons les approcher de près.

Laisse toi envoûter par des expériences, deviens actif lors de la semaine des créateurs et mets la main à la pâte pendant la semaine culinaire.



Pendant cette dernière, nous allons nous intéresser de près à la façon dont vivent les gens dans d'autres pays de la terre.

Avec des concombres sur les yeux, nous allons nous relaxer et nous occuper de notre bien-être.

Il y aura des activités intéressantes pour chacun d'entre vous. Laissez libre cours à votre phantaisie, découvrez des nouvelles choses et amusez vous pendant toutes les activités amusantes qui vous attendent à la maison relais.

Nous nous réjouissons déjà de passer de bons moments avec vous et de faire de vos vacances d'été une expérience inoubliable.

